ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Logementsminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Ëmweltkommissioun vum 16. Januar 2019 a Präsenz vum Här Energieminister Claude Turmes ass e Reglement grand-ducal virgestallt ginn, mat deem en zweeten obligatoreschen Energiepass fir e neit Gebai agefouert gëtt. Domadder gëtt net nëmmen en Energiepass bei der Baugeneemegung fälleg, mee och nach e weideren herno, wann d'Gebai bis steet ("as built"). Den Här Energieminister a seng Mataarbechter hunn dozou erkläert, datt vum Zäitpunkt un, wou d'Baugeneemegung ugefrot gëtt, bis herno wann d'Konstruktioun fäerdeg gestallt ass, et nach kéint zu Ännerungen am Bau kommen déi en Afloss op d'Energieeffizienz vum Gebai hätten.

An dësem Kontext wéilt ech der Madame Logementsminister an dem Här Energieminister dës Froe stellen :

1. Wat ass de Sënn an Zweck vum zweeten Energiepass? Mussen net souwisou och elo schonn, wann nach baulech Verännerungen iwwert dem Baue virgeholl ginn, nei Energiezertifikater virgeluecht ginn? Wéi eng Bedeitung huet an dem Zesummenhank de "blower door test" bei engem fäerdege Gebai, deen aktuell Standard ass?

2. Ass dësen zweeten Energiepass net en Ausdrock vum Mësstraue vun der Regierung géintiwwer de Bierger, déi mat weidere Kontrollmechanisme konfrontéiert ginn?

3. Den Här Energieminister, respektiv seng Mataarbechter, soten an där genannter Chamberkommissioun, datt d'Demande fir d'Aféierung vun engem zweeten Energiepass "aus dem Secteur" koum. Ass de Präis vun engem Energiepass reglementéiert? Huet d'Regierung Informatiounen iwwer den duerchschnëttleche Präis vun engem Energiepass? Wéi héich ass dee geschaten zousätzleche Revenu vum "Secteur" pro Joer duerch déi generaliséiert Aféierung vun engem zweeten Energiepass ("as built")?

4. Denkt d'Regierung drun, Sanktiounen anzeféieren fir de Fall, wou keen zweeten Energiepass ugefrot gouf? Wat sinn d'Konsequenzen, wann ee keen zweeten Energiepass ("as built") maache léisst?

5. Wat deen aktuellen Energiepass ugeet, sou gëtt fir de Fall wou ee bestoend Haus no engem Verkaf ofgerappt gi soll, trotzdeem nach en Energiepass verlaangt, et sief dann, et hätt ee virdrun d'Heizung an d'Fënsteren aus dem betreffenden Objet erausgeholl. Wat ass de Sënn vun där Dispositioun? Denkt d'Regierung drun, fir dës Dispositioun ze änneren?

6. Wann ee Proprietär an engem Appartementshaus ouni Energiepass seng Wunneng verkafe wëll, muss d'Gerance vun der Residence fir d'éischt all Proprietär uschreiwen, fir ee generellen Energiepass maachen ze loossen. Duerno ginn d'Käschten ënnert all de Proprietären opgedeelt. Fir den eenzele Proprietär kann des Prozedur zu enger Rei vu Problemer féieren. Ass net virgesinn, fir en Energiepass och fir eenzel Appartementer anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten